PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

De Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) ass eng éischt Instanz, déi fir Ugeleeënheeten a Sträitfäll a Saache Sozialversécherung tëschent Versécherten a Versécherer zoustänneg ass.
An der Fro 6056 hunn ech schonn éischt Donnéeën zu de Recourse bei dem CASS gestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°6056 huet de Minister erkläert:
   "An de Joren 2019 bis 2021 goufen am Ganze 5.501 nei Recourse beim CASS eragereecht, dovun 2.056 am Joer 2019, 1.716 am Joer 2020 an 1.729 d'läscht Joer."
   Wéi vill Recourse waren et fir d'Joren 2022 an 2023?

2. 2022 loung den Delai fir de Recours bei der CASS bei 3 bis 6 Méint. Wéi laang dauert et am Moment vun der Demande de recours bis zur Decisioun?

3. Wéi vill Leit sinn am Service vum CASS säit 2020 agestallt ginn? Wéi vill hunn de Service an dem selwechten Zäitraum verlooss?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten